piraten.lu

N°3044
Entrée le 16.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.10.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Am Kader vun der Juegd dierfen d'Jeeër een Héichsëtz (Mirador) opstellen. An engem Dokument vun der ANF si verschidde Reegele festgehale fir de Bau vun neien Héichsëtz. Am Juegdgesetz selwer ass net vill iwwert d'Héichsëtz ze fannen an och am Naturschutzgesetz vun 2018 steet just geschriwwen: "*Les miradors ne sont autorisés que pour la durée du bail du lot de chasse."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Geneemegunge gi gebraucht, fir een neien Héichsëtz op ze riichten?
2. Op wéi enge Plazen dierfe keng Héichsëtz opgestallt ginn?
3. *"Le requérant doit avoir obtenu une autorisation avant toute rénovation ou installation d'un mirador."* (Dokument ANF).
   Wat ass déi legal Basis vun dëser Autorisatioun, a wéi eng Krittären a Prozedure gëllen hei?
4. Wéi vill nei Héichsëtz goufen an deene leschte 5 Jore gebaut?
5. Wéi vill Héichsëtz ginn et aktuell zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés